
## Emweltberodung Lëtzebuerg asbl

# Tätegkeetsbericht

## 2022



EMWELTBERODUNG
LETZEBUERG
ASBL

**1. Virwuert vum President ....................... 4**
**2. 30 Joër Emweltberodung Lëtzebuerg asbl ....................... 7**
2.1 Eng kuerz Geschicht ....................... 7
2.2 30 Joër EBL sinn… ....................... 7
**3. Team EBL ....................... 8**
**4. Abonnenten ....................... 10**
4.1 Gemengen ....................... 10
4.2 Organisatiounen an Entreprisen ....................... 11
**5. Reuniounen ....................... 12**
**6. Finanz-Problematik ....................... 13**
**7. Iwwerbléck vun den EBL-Aktivitéiten ....................... 14**
**8. Campagnen a Projeten ....................... 15**
8.1 Campagnen ....................... 15
8.1.1 Ouni Pestiziden ....................... 15
8.1.2 Transforma ....................... 17
8.1.3 Precious Materials ....................... 19
8.1.4 Gutt Geschier ....................... 21
8.1.5 Mol nach emol ....................... 23
8.1.6 Fro däi Coiffer ....................... 24
8.1.7 Grénge Web ....................... 26
8.1.8 Energie [light] ....................... 27
8.1.9 Emweltbicher ....................... 28
8.1.10 Betti a Litti spille mam Dreck (Null-Offallbuch-Performance) ....................... 29
8.2 Projeten ....................... 31
8.2.1 Nationale Bestëbsperplang ....................... 31
8.2.2 Drénkwaasser ....................... 32
8.2.3 DiEFo - Digital Ëmwelt-Formation ....................... 34
8.2.4 EUCF ....................... 35
8.2.5 Harespel-Berodung ....................... 36
8.2.6 Neophyten ....................... 38
8.3 Publikatiounen ....................... 39
8.3.1 Infografiken ....................... 39
8.3.2 Kleng Schrëtt ....................... 40

**9. Weider Tätegkeeten an Aktivitéiten ..... 41**
9.1 Klimapakt 2.0 ..... 41
9.2 Naturpakt ..... 41
**10. Presse & sozial Medien ..... 42**
**11. Seminairen & Veranstaltungen ..... 43**
11.1 Seminairen / Konferenzen / Formatiounen ..... 43
11.2 Course fir Kanner a Jugendlecher ..... 43
11.3 Veranstaltungen / Events ..... 44

# 1. Virwuert vum President

## D'EBL 2022

**Op an dat 4t Jorzéngt Emweltberodung Lëtzebuerg**

Endlech erëm Normalitéit, no de Pandemiejoren. Och wann aner Evenementer eis sécher net kal gelooss hunn a mer och verschidde vun eisen Aktiounen un dem onséilege Krich orientéiert hunn, dee komplett onnëtz net allzewäit vun eis ewech vill Leit vill Misär bréngt, hu mer e Joer 2022 erlieft an deem mer eise Programm an eis ufänglech gesaten Ziler och konnten ëmsetzen.



Déi vergaange Joren haten och positiv Elementer. Eist Zesummeschaffen ass en anert ginn, duerch d'Bäibehalen vun der Teleaarbecht, wann och méi reduzéiert ewéi an de Pandemiejoren. Mee besonnesch déi méi reegelméisseg Teammeetinger, déi duerch Videokonferenze jidderengem et erlaben, méi oft dobäi ze sinn, si wichteg fir den Teamgeescht an hëllefen eis effizient ze schaffen.

Nodeems 2021 zwee Membere vum Kommitee decidéiert haten fir hiert Mandat no der AG 2022 net ze verlängeren, hu mer relativ schnell 2 engagéiert Memberen konnte nei rekrutéieren. De Charel Kass Ëmweltberoder op der Ettelbrécker Gemeng an de Laurent Majerus, Ëmweltberoder op der Mamer Gemeng sinn zënterhier nei an eisem Kommitee an de Laurent war och bereet, fir déi wichteg Charge vum Sekretär unzehuelen. E grousse Merci geet un si, fir bereet ze sinn sech fir d'EBL ze engagéieren, en Engagement wat zäitlechen Invest verlaangt, a wat fir all Member vum Kommitee och eng grouss Responsabilitéit duerstellt. D'EBL mat 6 Mataarbechter muss reegelméisseg nei Projeten u Land zéien an sech an hirer Aarbecht beweisen fir esou och als zouverlässege Partner no baussen ugesinn ze ginn, fir doduerch de néidege finanzielle Background ze hunn, fir kënnen ze schaffen a senge Mataarbechter en uerdentleche Salaire ze bezuelen. Do huet de Kommitee eng grouss Verantwortung an et ass jidderengem héich unzerechnen, deen sech dëser Verantwortung stellt. D'Leit aus dem Kommitee hunn donieft eng aner wichteg Roll: Si sinn Ambassadeure fir d'EBL an hire Gemengen an an deene Gremien, wou sie hir Gemeng vertrieden. Si hëllefe Kontakter knäppen an droen esou hiren Deel dozou bäi, dass d'EBL fir eng Rei Missioune gefrot gëtt.

D'Gesiicht vun der EBL no bausse si natierlech eis Mataarbechter. Si droen e groussen Deel zu der Publicitéit bäi. Wann ee vun EBL schwätzt da gëtt dat an éischter Linn mat hinnen associéiert, déi fir d'EBL dobaussen optrieden an déi och déi meescht Gespréicher mat den Decideuren féieren, déi schlussendlech driwwer entscheeden, ob e Projet der EBL zougedeelt gëtt oder net.

Mä net all Projet gëtt vu baussen un eis erugedroen. Vill flott Projeten aus de vergaangene Jore sinn entstanen, well mer engagéiert, innovativ a kompetent Mataarbechter hunn, déi ëmmer erëm nei Iddien un de Kommitee erundroen, fir am Sënn vum Ëmwelt-, Natur- a Klimaschutz, Projeten opzebauen, déi als Haaptmessage de Leit opweise sollen, wéi ee selwer aktiv eppes fir eis Ëmwelt an eist Klima maache kann. Vill sinn der, déi permanent de béise Fanger weisen an de Leit ëmmer erëm e schlecht Gewësse maachen an hinne reegelméisseg soen, wat se falsch maachen. Net vill sinn der, déi en anere Message wëlle ginn, an zwar deen “wat kann ech maachen, fir mäi Verhalen esou auszeriichten an ze änneren, dass ech selwer aktiven Ëmwelt-, Natur- a Klimaschutz maachen”. D’EBL wëllt genee dat.

Mat Initiative wéi déi am Beräich “ouni Pestiziden” oder de Projeten am Beräich vun der zirkulärer Wäertschöpfung, wéi “Gutt Geschier”, “Transforma”, “Precious Materials” oder “Fro däi Coiffeur”, an anerer si schonn an der Pipeline. Oder de Projeten am Beräich BNE, wéi “Eist Drénkwaasser – dem Melusina säi Choix” an “d’Null-Offallbuch”, aus deene konkret Uwendunge fir d’Thema an der Schoul ze behandelen, ausgeschafft goufen. Oder nach dem Projet “Grénge Web”, wou mer hëllefen, de Foussofdrock vun der digitaler Welt an där mer liewen a schaffen ze reduzéieren. Oder souguer eis “Infografiken” mat der Aktioun “Kleng Schrëtt”, wëlle mer d’Leit mathuelen an hinne konkret weise wëllen, wéi ee mat klengen Aktiounen am Alldag ganz einfach eppes fir d’Ëmwelt ka maachen.

Donieft stinn natierlech och eis Seminairen a Konferenzen, mat deene mer am Austausch an am Gespréich mat de Leit déi konkret Ëmsetzung vu positiven Akzenter fir d’Ëmwelt diskutéieren an hinne Weeër weisen, wéi dës Ëmsetzung och ka geléngen.

Vill Projeten un deene mer schaffen, vill Aarbecht fir dat wat am Kader vun eiser Konventioun mam Ëmwelt-, Klima- a Nohaltegkeetsministère un Demanden un eis erugedroe gëtt an en Team vu 6 Leit, dat bedeit och e Méi un administrativem Opwand. Zousätzlech koum säitens dem Ministère d’Opfuerderung, dass eis Finanzgestioun an Zukunft no méi klore Reegelen a méi detailléiert muss ofgewéckelt ginn an d’Preuve fir déi geleeschten Aarbecht och méi detailléiert musse virgeluecht ginn. Ënner anerem muss genee beluecht ginn, wien zu wéivill Stonnen a mat watfirengem Salaire op engem Projet geschafft huet. Dëst zitt mat sech, dass mer geschwënn eng Fulltime-Tâche mussen arechnen, just fir den administrativen a finanztechneschen Aufgabe kënne gerecht ze ginn. Ze kläre bleiwe weiderhin nach Detailer zu den nei ze schreiwende Konventioune mam MECDD.

Dir gesitt aus dem Finanzbilan, dass mer och do e ganz positive Bilan hunn. Dëse soll eis awer net an Euphorie verfale loossen. De Kommitee huet viru Jore schonn décidéiert, fir eng Reserve unzeleeën, fir d’Salaire kënnen eng Zäitlaang weider ze bezuelen, am Fall wou Konventiounsgelder vläicht eng Kéier net méi esou fléissen, oder well mer, wéi et elo ausgesäit, méi ofhängeg sinn, fir reegelméisseg nei Projeten ze proposéieren, déi och en Interessent a Finanzgeber fannen, wat eis Gestioun méi onsécher mécht. Dofir wäerte mer déi jëtzeg Reserve weider opstocken an en Deel vum Iwwerschoss mat an eis Iwwerleeungen huelen, fir eis Salairen nach weider no uewen unzepassen.

D'EBL-Famill ass och 2022 weider gewuess, wéi der am Detail an dësem Bilan kënnt gesinn. Hei ginn eis Iwwerleeungen och an d'Richtung fir iwwer verschidde Projeten d'Bierger méi direkt unzeschwätzen an net ëmmer de Wee iwwer d'Gemengen ze wielen. Doduerch erwaarde mer eis och e gewëssen Interessi bei de Bierger an dass an de nächste Joren d'Zuel vun de Privatmembere wäert klammen.

Mer wäerten als EBL eist dozou bäidroen, dass Klimaschutz, Ëmweltschutz a Naturschutz duerch eng pro-aktiv Virgoensweis am deeglechen Handelen vun de Gemengen an hire Bierger zur Normalitéit gëtt. Och iwwer de Wee vu Klimapakt a Naturpakt, wou d'EBL aktiv ass, wëlle mer jidder Interesséierte Weeër weisen, wéi e selwer aktiv ka mathëllefen. Jiddereen aus der EBL-Famill oder deen an eis Famill wëll opgeholl ginn, bréngt seng Erfarung mat eran, déi mer als Dispatcher u vill Anerer weider ginn.

Och wëll ech all eise Membere Merci soen, fir hiren Input, de Mataarbechter fir hir Freed un der Aarbecht, hiert Engagement an hir Bereetschaft fir ëmmer erëm och nei Defien unzehuelen a schlussendlech e grousse Merci un all d'Membere vum Kommitee, déi dësen Asaz bréngen nieft hirem normalen Job, an deem se och vill gefuerdert sinn. An ech wënschen eis all, sou wéi schonn déi Jore virdrun, dass mer och fir dat nächst Joer e Kuerf voll Aarbecht hunn an dass mer zesumme den Ëmwelt-, Natur- a Klimaschutz no vir bréngen an datt mer der Vill op eisem Wee kënnen iwwerzeegen fir dee Wee mat eis ze goen.

Guy SPANIER
President vun der EBL a.s.b.l.

# 2. 30 Joër Emweltberodung Lëtzebuerg asbl

## 2.1 Eng kuerz Geschicht

Wéi 1992 d'EBL vun deenen éischte kommunalen Ëmweltberoder a -beroderinnen am Land gegrënnt gouf, ware ganzer sechs Gemege mat u Bord. Zwee Joer drop waren d'Aufgabe scho gewuess, sou dass eng éischt Konventioun mam Ëmweltministère ënnerschriwwe gouf. Bis zum Jordausendwiessel huet sech d'Zuel vun den abonnéierte Gemenge mat 14 méi wéi verduebelt, sou dass ab do permanent mindestens eng Persoun fest bei der EBL ugestallt konnt ginn.

10 Joer méi spéit war e Véierel vun de Gemenge bei der EBL ugeschloss an et ass een eng éischte Kéier aus den ale Büroen an der Montée de la Pétrusse zesumme mam Ministère erop op de Kierchbierg an d'Héichhaus geplënnert. Kuerz drop haat d'EBL eng éischte Kéier dräi fest ugestallte Mataarbechter- a Mataarbechterinnen, eng Zuel déi sech bis haut nach emol verduebelt huet. No engem Tëschestopp mat Büroen am Hémicycle, huet d'EBL sech 2018 räimlech a logistesch vum Ministère emanzipéiert an huet déi aktuell Büroen am Bamhaus bezunn. Déi finanziell Ënnerstëtzung vun der EBL duerch de Ministère via Konventioun huet bis an d'Géigewart Bestand.

Haut sinn iwwer 3 Véierel vun de lëtzebuerger Gemenge bei der EBL ugegliddert an kréien eng ganz Rei u Servicer offréiert. D'Gemenge si net just e wichtege finanzielle Pillier vun der EBL, mee och de Kär vun eiser Aarbecht. 11 Kommiteesleit leeden de Veräin momentan a 6 Mataarbechter a Mataarbechterinne setzen d'Projete lokal a national ëm. Doriwwer eraus ass och d'Unzuel u Privatmembere vun deenen initiale 6 Beroder op iwwer 45 an d'Luucht gaang an och eng ganz Rei u weideren Akteuren aus dem ëffentlechen a private Beräich schaffen deels säit Jorzéngte scho mat eis zesummen a si wichteg Partner fir de kommunalen Ëmweltschutz.

## 2.2 30 Joër EBL sinn…

...iwwert all déi Joren insgesamt gekuckt...

- **78** abonnéiert Gemengen
- **84** Privatmemberen
- **22** Leit am Kommitee
- **20** Mataarbechter*innen
- **15** Stagiairen an Hëllefskräften
- **Eng helle Wull** a Projeten a Campagnen



# 3. Team EBL

D'EBL gëtt geleet vun engem Comité, an deem et 2022 e puer Ännerunge gouf. Eise laangjärege Sekretär Pierre Schmitt an och d'Comitésmember Estelle Rotondano hunn hier Mandater néiergeluecht. De Laurent Majerus ass neie Sekretär vun der EBL an och de Charel Kass kënnt nei an de Comité eran. Mat 11 Comitésmembere bleift d'Unzuel u Leit am Comité domat awer onverännert par rapport zu 2021.


Guy Spanier
President


Luc Friedrich
Vize-President


Laurent Majerus
Sekretär


Jos Mathieu
Trésorier


Klaus
Gröll


Charel
Kass


Martine
Schummer


Max
Klein


Caroline
Calmes


Marc
Jacoby


Jeannot
Behm

D'EBL haat am Joër 2022 insgesamt 7 Mataarbechter, déi d'Dagesgeschécker vun der EBL geleed hunn. Säit Mäerz 2022 beräichert de **Fränz HAUSEMER** zousätzlech d'Aarbecht vun der EBL an am Oktober 2022 ass d'**Julie GARLINSKAS** no engem Joer Tëschestopp nees zréck bei d'EBL komm. D'**Aline SCHALTZ** huet dogéint d'EBL am November 2022 no 8 Joer verlooss, fir sech ganz senger Famill ze widmen. Nierwt deenen 3 waren och weiderhin eis 4 laangjäreg Mataarbechter*innen **Michel WILWERT**, **Gil KIRCHEN,** **Marianne KOLLMESCH** a **Nils LECHES** fir de Veräin am Asaz. Do dernierwt huet d'**Carolina MARQUES** aus dem "Lycée der Arts & Métiers" 5 Woche Stage bei der EBL gemaach am Beräich Design a Grafik.


Michel Wilwert


Gil Kirchen


Julie Garlinskas


Marianne Kollmesch


Nils Leches


Fränz Hausemer

# 4. Abonnenten

D'EBL hat zum 31. Dezember 2022 insgesamt **21 abonnéiert Organisatiounen.** Mat ECOLM an der Maison relais Bissen sinn zwou Organisatiounen net méi dobäi, wärenddem de **SIACH** als Abonnent 2022 bäikomm ass. Leider ass mat der Gemeng Lëntgen och eng Gemeng aus der EBL ausgetrueden. Duerch de Bäitrëtt vun de Gemenge Koplescht an Helperknapp ass d'EBL-Famill 2022 awer trotzdeem ëm eng Gemeng op ganzer **77 abonnéiert Gemenge** gewuess, an deene ronn 90% vun der Bevëlkerung wunnen (+3% par rapport zu 2021). Doriwwer eraus zielt de Veräin och **46 Privatmemberen** (mat 7 Austrëtt a 4 neie Memberen e Minus vun 3 par rapport zu 2021).

## 4.1 Gemengen

| | | |
|---|---|---|
| BECKERICH | KEHLEN | SCHENGEN |
| BERTRANGE | KOERICH | SCHIFFLANGE |
| BETTEMBOURG | KOPSTAL | SCHUTTRANGE |
| BETZDORF | LAC DE LA HAUTE-SÛRE | STEINFORT |
| BISSEN | LEUDELANGE | STEINSEL |
| BIWER | LORENTZWEILER | STRASSEN |
| BOULAIDE | MAMER | USELDANGE |
| BOURSCHEID | MANTERNACH | VIICHTEN |
| COLMAR-BERG | MERSCH | WAHL |
| CONSDORF | MERTERT | WALDBILLIG |
| CONTERN | MERTZIG | WALDBREDIMUS |
| DALHEIM | MONDERCANGE | WALFERDANGE |
| DIPPACH | MONDORF-LES-BAINS | WINSELER |
| ELL | NIEDERANVEN | WEILER-LA-TOUR |
| ERPELDANGE-SUR-SÛRE | NOMMERN | WORMELDANGE |
| ESCH-SUR-SÛRE | PETANGE | VILLE DE DIEKIRCH |
| FRISANGE | PRÉIZERDAUL | VILLE DE DIFFERDANGE |
| GARNICH | RAMBROUCH | VILLE DE DUDELANGE |
| GOESDORF | RECKANGE-SUR-MESS | VILLE D'ETTEBRUCK |
| GROSBOUS | REDANGE | VILLE D'ESCH-SUR-ALZETTE |
| HELPERKNAPP | REISDORF | VILLE DE GREVENMACHER |
| HESPERANGE | ROESER | VILLE DE LUXEMBOURG |
| HOBSCHEID | ROSPORT-MOMPACH | VILLE DE REMICH |
| JUNGLINSTER | SAEUL | VILLE DE RUMELANGE |
| KÄERJENG | SANDWEILER | VILLE DE WILTZ |
| KAYL | SANEM | |

## 4.2 Organisatiounen an Entreprisen

# 5. Reuniounen

Am Laf vum Joer 2022 huet d'EBL un iwwer 350 Réuniounen, Aarbechtssitzungen a Projetsversammlungen deelgeholl, wat nach emol eng Steigerung vun ca. 10% par Rapport zum Joer virdrun duerstellt, woubäi hei informell Treffen an intern Echangen tëscht eise bénévole Comitésmembere net matgezielt goufen.
Den Télétravail ass par rapport zum Joer virdrun zwar réckleefeg, bei der EBL awer mëttlerweil och deels etabléiert, sou dass och 2022 e gewëssenen Undeel un Online-Versammlunge stattfonnt huet, virun allem bei eisen internen Team-Meetings.

| Bezeechnung | Unzuel |
|---|---|
| Comités-Sëtzungen | 9 |
| Ouni Pestiziden | 34 |
| Transforma (éco. circ., Gutt Geschier, Mol nach emol, Precious Materials) | 33 |
| Grénge Web | 8 |
| BNE | 10 |
| Plan Pollinisateur | 6 |
| Drénkwaasser-Campagne | 9 |
| Klimapakt & Naturpakt | 7 |
| Ëmweltbicher | 5 |
| Aner Projetsréuniounen | 19 |
| Préparatioun fir Formatiounen & Events | 33 |
| Aner divers Réuniounen | 45 |
| Deelgeholl un externe Veranstaltungen | 15 |
| Team-Meetings & intern Réuniounen | 124 |

| | |
|---|---|
| **TOTAL** | 357 |

Doriwwer eraus huet d'EBL 2022 **un 33 Aktiounen, Events, Atelieren, Formatiounen oder änleche Veranstaltunge mat engem aktive Bäitrag deelgeholl** oder dës selwer organiséiert. Den Détail dovunner fannt dir méi spéit am Tätegkeetsbericht.

# 6. Finanz-Problematik

Am Mäerz 2022 ass eng gewëssen Diskussioun entstan, wat déi finanziell Contributioun säitens dem MECDD un d'ONGen an d'Associatiounen am Ëmweltberäich ugeet. Déi agereechte Bilanen a Finanzrapporte goufe vun der Direction du Contrôle Financier (DCF) refuséiert, well se net konforme zum reforméierte Gesetz vun 1999 iwwert de Budget, d'Comptabilitéit an d'Trésorerie vum Staat wieren. Doduerch goufen eng Partie Finanzementer bis op Weideres blockéiert an d'EBL, wéi och eng ganz Partie aner Organisatioune sinn op hiren Ausgabe setze bliwwen.

No der éischter Verwirrung op béide Säiten, konnt zumindest e kuerzfristege Kompromëss fonnt ginn, fir op mannst eenzel ofgeschlosse Projeten a Konventiounen ausbezuelt ze kréien. Duerno huet d'EBL sech awer mat deenen anere concernéierte Veräiner (Natur&ëmwelt, IBLA, CELL, Méco a lëtzebuerger Privatbësch) zesummegedoen an e gemeinsame Courrier un den MECDD geriicht fir souwuel op déi akut finanziell Belaaschtung vun der Veräiner an déi abrupt a radikal Manéier säitens der DCF hinzeweisen, déi net vun haut op muer ëmzesetze sinn a gläichzäiteg awer och verschidden Léisungsvirschléi ze ënnerbreeden.

No enger laanger Funkstille koum dunn Mëtt Dezember eng Äntwert vum MECDD mat de neie Spillreegelen, déi ab deem Moment gëllen sollen, also och scho fir d'Ofrechnung 2022. Dës Spillreegele ware weder mat der EBL oder deenen anere Veräiner ofgestëmmt, nach gouf eng Iwwergangsphase bestëmmt, fir dës duerchaus ganz opwänneg, ëmfangräich an onkloer Konditiounen ëmzesetzen. D'EBL huet doropshin e neien Appel un déi aner Acteure gemaach fir nees gemeinsam un de Ministère erunzetrieden, deen awer dës Kéier vu kenger anerer Associatioun erwiddert gouf. Dowéint huet d'EBL da fir 2023 eng Drénglechkeets-Entrevue bei der Ëmweltministesch ugefrot, fir iwwert d'Finanzmodalitéiten ze schwätzen.

Ënnert dës Mesure falen all déi kofinanzéiert Projeten an Aktiounen, wéi och eis allgemeng Fonctionnements-Konventioun, déi mer säit 1994 mam Ëmweltministère hunn. Dësen Ëmstand erkläert och, wisou verschidde Projeten a Campagnen, déi an dësem Tätegkeetsbericht virgestallt ginn, entweder eng reduzéiert Aktivitéit opweisen oder zumindest e Retard an der Ausféierung hunn, well no anere Finanzementer oder enger Ëmgestaltung huet misse gesicht ginn.

Déi nei Finanzmodalitéiten, egal wéi se dann elo schlussendlech wäerten ausfalen, wäerten de Fonctionnement vun der EBL awer beaflossen. A wéi enger Mooss bleift ofzewaarden. Mir hoffen, dass dës Situatioun d'nächst Joer nees méi favorabel gëtt a mir mat engem kloer definéierte Kader mat op asbl'en ugepasste Finanzéierungsmechanismen nees op déi wichteg finanziell Ënnerstëtzung vum Ministère ziele kënnen.

# 7. Iwwerbléck vun den EBL-Aktivitéiten

## EBL

Emweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.

### Campagnen

- Ouni Pestiziden
- Transforma
  - Precious Materials
  - Gutt Geschier
  - Mol nach emol
- Fro däi Coiffeur
- Grénge Web
- Energie[light]
- Ëmweltbicher
  - Betti & Litti

### Projeten

- Nationale Bestëbserplang
- Drénkwaasser
- DiEFo
- EUCF
- Harespelberodung
- Neophyten



### Publikatiounen

- Infografiken
- Kleng Schrëtt
- Presse & sozial Medien

### Weider Tätegkeeten & Aktivitéiten

- Seminairen / Konferenzen
- Formatiounen
- Veranstaltungen
- Course fir Kanner a Jugendlecher
- Klimapakt
- Naturpakt

# 8. Campagnen a Projeten

## 8.1 Campagnen

Campagne si längerfristeg Aktivitéiten, bei deenen d'EBL d'Koordinatioun iwwerholl huet oder den Initiator ass. Oft ginn d'Campagne mat anere Partner ëmgesat a lafen iwwer méi Joren, mat ëmmer nees neien Elementer, Aktiounen an Entwécklungen. Campagne kënnen an allen Ëmweltberäicher gemaach ginn oder méi Aktiounsfelder ëmfaassen.

### 8.1.1 Ouni Pestiziden

#### Intro

D'Campagne "Ouni Pestiziden", déi viru 15 Joer hiren Ufank beim Réidener Waasserhaus haat, huet scho vill erreecht an ass och haut ëmmer nach e wichtegen Acteur, fir d'Thema Pestiziden weider um Radar vum Ëmweltschutz ze halen. Scho no kuerzer Zäit gouf der EBL d'Koordinatioun vun der Campagne opgedroen, wat mer bis haut assuréieren an och zukünfteg weiderféieren.

#### Iwwerbléck

Nodeems d'Joren 2020 an 2021 opgrond vun der Pandemie nëmme wéineg Aktivitéit an der Campagne war, gouf 2022 de Relancement gestart. Mat neier Motivatioun an a Persoun vum Fränz Hausemer engem neie Koordinator säitens der EBL gouf e Reset gemaach a nees frësch ugefaang. Nodeems de Fränz als éischt eenzel eng ganz Rëtsch Leit begéint huet, gouf am e walking Meeting mat alen a neie Partner gemaach, fir éischt Prioritéiten ze definéieren an de Fokus nees op méi eng geziilt Aarbecht ze setzen. Spéider am Joer hunn dann och schonn éischt Aktivitéiten ugefaang an et goufen Aarbechtsgruppen opgestallt, déi sech ab 2023 nees regelméisseg treffe sollen.

## Haaptaktivitéiten 2022

- Berodung vum Golf Grand-Ducal um Findel zu nohalteger Bewirtschaftung vun hire Gréngflächen.
- Opstelle vun 2 themateschen Aarbechtsgruppen „Staudeproduktioun“ a „naturno Gäertnerei“ (éischt Sitzunge si fir Fréijoer 2023 virgesinn).
- Kontaktéiere vun Hiersteller vu Méiroboter mam Hiweis op Eco-Systemer an insektefrëndlech Méiprogrammer.
- Open Air Plenière (walking meeting) um Sennengerbierg am Oktober als offizielle Relancement vun der Campagne
- Filme vu verschiddene Sitten a Blummewisen (e.a. Näerzeng, Solawi XYZ, etc.) fir Sensibiliséierungsclips
- 32 Kontroll-Analysen vu pestizidfräie Blummen op verschiddene Plazen an 8 ënnerschiddleche Gemengen; 6 Prouwe ware positiv, eng entspriechend Ursaachefuerschung gouf zesumme mat der concernéierter Gemenge lancéiert.

## Ausbléck

D’Ëffentlechkeetsaarbecht wäert weiderhin e wichtege Volet bleiwen, mat Fokus op de Grand public.
Dofir soll och den Internetsite www.ounipestiziden.lu weider iwwerschafft a moderniséiert ginn. Et sollen eng Rëtsch Clips fir d’Sensibiliséierung gedréint ginn.
Nieft der Sensibiliséierung soll och de Bräich naturno Gäertnereie geférdert ginn, mam Hibléck op d’Zillen a Verkafe vu pestizidfräie Blummen a Stauden. Och an d’Ausbildung vu Gäertner, Landschaftsplaner a Bauere soll méi investéiert ginn.
Och d’nächst Joer sollen d’Kontroll-Analyse vu pestizidfräie Planze weidergefouert ginn.





### 8.1.2 Transforma

#### Intro

„Kreeslafwirtschaft konkret" ass d'Leitmotiv vum Projet Transforma. Dësen aarbechtsintensiven, mee diversen a spannende Projet probéiert mat konkreten Aktiounen d'Thema „économie circulaire" de Jugendlechen an och Entreprise méi no ze bréngen. An enker Kooperatioun mat Enseignanten, professionellen Handwierker a verschiddene Partnerorganisatioune gëtt all Joer geziilt e spezifescht Thema vun de Jugendlechen/Schüler opgeschafft an ëmgesat.

#### Iwwerbléck

De Projet Transforma, deen sech stänneg an engem breede Netzwierk vu verschiddenen Acteure beweegt, kann ee bal schonn als Maternité fir nei Projete betitelen, eng Zort Inkubator. Sou sinn iwwert d'Méint ëmmer nees néi Attributiounen dobäikomm, déi entweder nach weider ausgebaut musse ginn, oder als separat Aktivitéiten aus dem Transforma ausgegliddert ginn an als eegestänneg Projete weiderliewen, wéi z.B. d'Projete Precious Materials" oder "Gutt Geschier", op déi mer spéider an dësem Bericht aginn. Transforma ass deemno kee kloer definéierte Projet, mee éischter eng Campagne, eng Iddeenschmiede fir Projeten am Beräich vun der Kreeslafwirtschaft. Interessant ze erwänen ass, dass den Transforma am Kader vum Kulturjoer „Esch 22" duerch verschidden Partner ganz intensiv gelieft gouf a soumat eng nei Dimensioun krut. Sou huet sech eng gewëssen Eegendynamik entwéckelt, duerch déi virun allem eng Partie Schüler aus dem „Lycée der Arts & Métiers" de Projet „transforméiert" an op ënnerschiddlech Aart a Weis bei enge séllege Kulturevenementer an der Südregioun präsentéiert hunn.



*Bild: Installatioun zu Esch/Uelzecht*

#### Haaptaktivitéiten 2022

Divers Expositiounen, theatralesch Opféierungen an d'Integratioun vun der Kreeslaf-Philosophie beim Opbau an Preparatioun vun den verschiddenen Aktivitéiten.

- 3 Formatiounen zum Thema „Kreeslafwirtschaft fir Gemengen goufen organiséiert.
- 4 theoretesch a praktesch Coursen zum Thema Kreeslafwirtschaft am Lycée Fieldgen.
- Transforma Expo zu Monnerech



*Bild: Workshop bei der Porte Ouverte vum SIVEC*

## Ausbléck

Eng Haaptzilgrupp vum Transforma bleif weiderhin déi Jugendlech, déi ob eng konkret a praktesch Aart a Weis un déi verschidden Aspekter vum Projet erugefouert solle ginn. E weidere Fokus soll op déi nei gewonne Partner aus dem Konschtsektor leien, wou duerch Co-Créatioune mat de Kënschtler a Konschtgruppen wieder Synergien geschaf an e konstruktiven Austausch stattfanne soll. D'Gemenge sollen zukünfteg och nach méi verstäerkt zum Thema Kreeslafwirtschaft sensibiliséiert an an déi eenzel Aktivitéite mat agebonne ginn. De Projet Transforma wäert weider als Inkubator a Vektor fir innovativ Aktivitéiten ronderëm d'économie circulaire bestoen bleiwen an ausgebaut ginn.

### 8.1.3 Precious Materials

#### Intro

Precious Materials ass ee vun de "Kannerprojeten" vum Transforma, deen elo als separaten, eegestännege Projet funktionéiert. Däsen EBL-Projet integréiert sech an de mëttlerweil weltwäite Community-Projet „Precious Plastic", deen 2013 an Holland gestart gouf. Precious Materials stellt den éischten Hub dovunner zu Lëtzebuerg duer. Duerch d'Bedeelegung an a vun dëser Communautéit kritt d'EBL Kontakter zu villen internationalen Acteueren, déi schonn zu interessanten Échange gefouert hunn. Precious Materials setzt doriwwer eraus awer och e staarke Fokus op d'Sensibiliséierung a wëllt duerch innovativ a kreativ Weidernotzungen d'Wäertschätzung vun der Ressource Plastik ervirhiewen. Wéi den Terme Precious Materials schonn undeit, kéint de Projet spéider och vum Plastik op aner Materialien ausgedeent ginn.

#### Iwwerbléck

Mat enger spezieller mobiller „Plastikmaschinn", déi zesumme mam Professer Gilles Gardula aus dem „Lycée des Arts & Métiers" entwéckelt gouf, kann EBL elo geziilt Workshops zum Thema organiséieren an awer och punktuell Objeten zu Demonstratiounszwecker hierstellen. Dës Maschinn erlabt et eeben, den ale Plastik (z.B. Stëpp vu Plastiksfläschen), ze schredderen, ze schmëlzen an zu neie Placken ze pressen, wouraus da nees en Objet gemaach ka ginn. Déi Jugendlech léiere soumat net nëmmen déi verschidden Zesummesetzunge vum Plastik an hier Funktionalitéite kënnen, mee doduerch, dass de Fokus um Produktdesign läit, ginn déi Objeten esou konzipéiert dass eng 100% Réckféierung an de Kreeslaf erméiglecht gëtt.

#### Haaptaktivitéiten 2022

- Liwwerung an Zesummebau vun der Plastiksmaschinn Mëtt des Joers.
- Ausschaffen vun engem pedagogesche Konzept fir Jugendlecher.
- Organisatioun vun 12 Workshops am Kader vun schouleschen oder paraschouleschen Aktivitéiten.



*Bild: Éischt Tester mat der Maschinn, an absolut keng Ahnung wat géif eraus kommen*




*Bild: Weider Tester mat der Maschinn, awer scho méi Ahnung, wat ze maachen ass*

## Ausbléck

D'Workshops solle nach weider ausgebaut a geziilt op Kanner aus der Grondschoul, wéi och dem Lycée adaptéiert ginn. De Projet selwer leet 2023 virun allem Wäert op en Ausbau souwuel vum pedagogesche Volet mat den interaktive Workshops fir Jugendlecher, wéi och vum kooperativen Deel, wou geziilt en Austausch mat lokalen Entreprisen gesicht wäert ginn.

### 8.1.4 Gutt Geschier

#### Intro

Gutt Geschier ass, genee wéi de Projet Precious Materials e Kand vum Transforma. Dobäi handelt et sech ëm eng Art "Tool-o-théik fir Handwierksgeschier" wou jiddereen sech dat passend Geschier fir seng eegen Zwecker ausléinen kann. Egal ob Stechsee, Aaxt oder en Offlaamaparat, all d'Geschier ka ganz einfach via eng fräi zougänglech online Plattform erausgesicht, reservéiert a fir ee gewëssenen Zäitraum gratis ausgeléint ginn. Besonnesch interessant bei dësem Projet ass, dass déi meescht Apparater als Second-Hand-Gebrauchtgeschier aus Ressourcenzenteren oder vun Aarbechtsinitiativen, Entreprisen oder Privatleit recuperéiert goufen.

#### Iwwerbléck

Dësen Projet ass eng direkt a konkret Ëmsetzung vu kreeslafwirtschaftleche Prinzippien op lokalem Niveau, ënner Berécksiichtegung vun ekologeschen, sozialen a wirtschaftleche Kriterien. D'Iddi vum Projet ass et, verschidde lokal Ausléinplazen uechtert d'Land anzeriichten, wou d'Bierger hiert Geschier kënne siche goen. Dobäi sinn och regional Ausléinplaze méiglech oder eenzelner fir ganz spezifescht Material. Als Porteur vun dëse Plazen kënne souwuel Gemengen hierhalen, awer och d'Ressourcenzenteren oder awer Associatiounen oder weider Initiativen a souguer kleng Entreprise wieren denkbar. Déi éischt Ausléinplaz wäert zu Esch am Facilitec (Lokal vun Transition Minett) starten. Well sech dëse neie Projet ob keng existéierend Erfarungen hei am Land beroue konnt, hu mer op Erfarungswäerter aus dem noen Ausland missen zeréckgräifen wat d'Gestioun vun esou enger Tool-o-théik ugeet. Well d'Viraussetzungen zu Lëtzebuerg awer ënnerschiddlech par rapport zum Ausland sinn, hu mer eenzel Aspekter ugepasst an de legale Kader vun engem Jurist an den Adminsitratiounen iwwerpréiwen gelooss. Dëst betrëfft ënner anerem de Respekt vun de Bestëmmungen an der Offallgesetzgebung, awer och zum Beispill d'Responsabilitéit am Fall vu futtissem Geschier oder Verletzunge bei der Notzung.

#### Haaptaktivitéiten 2022

- Allgemeng Konzeptioun vum Projet an enker Kooperatioun mam SIVEC
- Ausschaffe vun engem legale Kader an Iwwerpréiwung duerch e Jurist an duerch eenzel Administratiounen
- Sammele vu Material a Geschier fir déi éischt Ausléinplaz
- Opstelle vun engem Inventaire mat Fotoen a Beschreiwung zum Geschier (Aarbecht mat Hëllef vun eiser Stagiaire Carolina Marques)
- Erstelle vun enger Websäit fir d'Registréierung an d'Reservatioun vum Geschier
- Kooperatioun mat Transition Minett (Facilitec) a mat der Stad Esch
- Duerchféierung vun éischten Testbestellungen
- Preparatioun fir de Lancement vum Projet am Januar 2023

## Ausbléck

Duerch de Pionéiercharakter an déi feelend Erfarungswäerter wäert sech de Projet Gutt Geschier an engem konstanten evolutiven Adaptationsprozess befannen. Och d'Villfalt an d'Flexibilitéit vu méiglech Gestiounssystemer a Kooperatiounspartner ka sech de Projet an Zukunft a vill verschidde Richtungen entwéckelen, déi onofhängeg vunenee sinn oder och zesummeschaffen.




*Bild: Reservation Plattform fir Handwierksgeschier*

### 8.1.5 Mol nach emol

#### Intro

Mol nach emol ass en drëtte Kannerprojet vum Transforma, deen allerdéngs nach ganz am Ufank vun den Iwwerleeunge steet. D'Konzept kéint änlech wéi dat vum Projet Gutt Geschier ausgesinn. Recuperéiert Faarwen a verschiddenen Ausféierunge kéinten agesammelt, opbereet an diversen Acteuren als Mol- a Bastelkitt nees zur Verfügung gestallt ginn iwwert en Ausléinsystem. De Projet befënnt sech momentan nach an der Konzeptiounsphase.

#### Iwwerbléck

Opgrond vun den Zuelen, déi mer vum SIVEC matgedeelt kruten a nodeems iwwert dem SIVEC seng Recup-WhatsApp-Gruppe fir Enseignanten de Besoin identifizéiert gouf, Faarwen, déi nach brauchbar sinn, weiderzenotzen, goufen éischt Iwwerleeungen zum Projet Mol nach emol zesumme mam Ressourcenzenter ënnerholl. Virun allem wéi eng Faarwen ufalen (Waasserfaarwen, Pastel, Touschbicer, Bläistëfter, etc.), wéi dës nees frësch opbereet an ënnert wéi enger Aart a Weis se verléint kënne ginn, si nach deels Inconnuen.

#### Haaptaktivitéiten 2022

- Analyse vun de Quantitéiten, de Formen an dem Weidernotzungspotential vu Faarwen am Ressourcenzenter
- Éischt Iwwerleeungen zur Konzeptioun an enker Kooperatioun mam SIVEC
- Éischt Kontakter mam Kräizbierg fir d'Opbereedung vun de Faarwen

#### Ausbléck

Et ass momentan nach schwiereg eng genee Aschätzung zum Projet ze ginn, well nach vill Inconnuen an Ongewëssheete bestinn. Op allefall soll 2023 weiderhin un der Machbarkeet vum Projet gefréckelt ginn, mat hoffentlech engem positiven Ausgang, sou dass Mol nach emol definitiv lancéiert kéint ginn. Och eng enk Kooperatioun mat de Schoulen a Jugendzentere wier unzestriewen, wann de Projet Erfolleg soll hunn. Hei kéinten 2023 wieder Kontakter geknëppt a verdéift ginn.





### 8.1.6 Fro däi Coiffer

#### Intro

Fro däi Coiffeur stellt en erfrëschend Experiment um Niveau vun der Ëffentlechkeetsaarbecht an de Sensibiliséierung duer. D'Ausgangsiddi baséiert op zwou Studien aus England an den USA, bei deenen d'Fuerscher erausfonnt hunn, dass d'Probanden sech zu engem bestëmmten Thema (a béide Fäll d'Thema Bluttzocker/Diabetes) éischter vum Coiffer sensibiliséiere gelooss hunn, wéi vun engem Expert (an deem Fall den Hausdokter). Dëst war de Fall onofhängeg vun der Qualitéit vun der Sensibiliséierung. Doduerch koum bei der EBL d'Iddi op, d'Leit net als Ëmweltberoder ze sensibiliséieren, mee via d'Coiffeuren.

#### Iwwerbléck

Ausgeschafft goufen heivir visuell flott an humorvoll Käertercher, déi zum diskutéieren an Nodenken ureegen sollen. Des Käertercher gräifen eng Rei un ënnerschiddlech Ëmwelt- a Naturschutzthemen op a sollen unhand vun engem lëschtege Sproch oder enger sarkastescher Fro de Lieser op d'Thematik opmierksam maachen. Ausgeschafft goufen fir den Ufank 12 Käertercher op 2 verschiddenen Sproochen (Lëtzebuergesch a Franséisch). Dës Käertercher sollen a verschiddene Coiffeur-Salonen ausgeluecht ginn, esou dass dem Client säin Bléck beim Waarden oder beim Hoerschnéiden drop fält an et eventuell souguer doduerch zu engem Gespréich dozou mam Coiffeur kënnt. Weder de Client, nach de Coiffeur muss mam Thema vertraut sinn, d'Haaptzil ass et d'Opmierksamkeet zu engem bestëmmten Sujet op eng labber an ongezwongen Aart a Weis ervirzeruffen an iwwert d'Diskussiounskultur an de Käpp ze verankeren.

#### Haaptaktivitéiten 2022

- Ausschaffe vun 12 Käertercher mat ënnerschiddlechen Thematiken
- Iwwersetzen an 2 verschidde Sproochen
- Kontakt mat der Federatioun vun de Coiffeuren an Tattoo-Artisten

#### Ausbléck

De Projet soll am Laf vum Joer 2023 offiziell lancéiert ginn. Dobäi ass geplangt de Projet an enker Kooperatioun mat der Federatioun ze maachen, wouduerch mir déi gréisst méiglechst Unzuel u Coiffeuren an Tattoo-Artisten hoffen ze fannen, déi bei dësem Projet matmaache wëllen.



*Bild: Iwwerbléck vun allen Karten (Recto)*




Bild: Beispill 1 – Bass du duuschtereg?




Bild: Beispill 1 – Bass du duuschtereg?




Bild: Beispill 1 – E Schof wat Stil huet...





Bild: Beispill 1 – E Schof wat Stil huet...

### 8.1.7 Grénge Web

#### Intro

Ziler vum Projet Grénge Web sinn nierft der Promotioun vun enger „nohalteg Digitaliséierung“ an engem bewossten Ëmgang mat digitale Medien, och d’Verbesserung vum digitale Footprint, als der Reduzéierung vun den Ëmweltauswierkungen duerch eis Online-Aktivitéiten.

#### Iwwerbléck

Nierft theoreteschen an technesche Grondlagen, versicht de Projet och konkret Verbesserungsvirschléi an alternativ Proposen ze vermëttelen. E wichtegt Uleies vum Grénge Web Projet ass et, fir um nationale Plang e Réseau u kompetenten an/oder interesséierten Acteuren zum Thema "nohalteg Digitaliséierung" opzebauen. Weider bitt d‘EBL interesséierten Acteuren d’Méiglechkeet, duerch een extra entwéckelten Tool, Websäiten op hier Energie- a Ressourceneffizienz hin ze iwwerpréiwen an dës uschléissend ze verbesseren. D‘Thema trëfft op en enormen Interessi bei den ënnerschiddlechsten Acteuren, sief et bei Gemengen, Entreprisen oder lokale Veräiner. Doropshin goufen eng ganz Partie Formatioune fir Gemengen organiséiert via den CNFPC oder direkt mat der interesséierter Gemeng oder engem Syndikat. Den Interessi säitens de Gemengen oder Firmen fir esou eng Websäitanalyse wiisst säitdeem konstant weider an esou kommen d’Demande quasi am Wochen-Takt bei der EBL eran. Den Tool an och d’Analyse vun de Websäite gi vun den Autiste geréiert, mat deenen d’EBL eng Kooperatioun zu dësem Zweck huet.

#### Haaptaktivitéiten 2022

- Fäerdegstellung vum Analysetool fir Websäiten
- Geziilt Promotioun a Bekanntmaachung vum Projet
- Duerchféiere vun diverse Formatiounen zum Thema
- Réalisatioun vu 24 Websäiten-Analysen mat Ofschlossbericht

#### Ausbléck

D’Netzwierk vum Grénge Web soll och 2023 weider gesponne ginn a virun allem méi Kooperatioune mat institutionellen an ëffentleche Partner ginn ugestrieft. Villverspriechend Gespréicher, wéi och e konstruktiven Austausch soll et och mat enger Partie auslänneschen Acteure ginn.

### 8.1.8 Energie [light]

#### Intro

Beim Energie [light] handelt et sech jo ëm e Projet zur Reduktioun vun der Energieconsommatioun (Hëtzes, Stroum & Waasser) an de Gemengen, duerch e verännert Notzerverhalen a kleng technesch Mesuren ouni groussen Opwand. De Projet gouf schonn e puer mol lancéiert an eng gewëssen Zäit duerchgefouert, mat ënnerschiddlechem Ausmooss a Succès.

#### Iwwerbléck

Säit 2021 gëtt de Projet Energie [light] jo net méi aktiv no bausse promouvéiert. Et gëtt also weder Reklamm gemaach, nach eng Newsletter dozou verschéckt. Och Optakt- an Ofschlossveranstaltunge gëtt




et keng méi. Trotzdeem gouf de Projet nach an 3 Gemenge weidergefouert, nämlech Beefort, Mäerzeg an Diddeleng, déi hier Tabelle nach weider ausfëllen, analyséieren a mat der EBL deelen an diskutéieren. D'Gemeng Beetebuerg huet doriwwer eraus hiert Interessi ugekënnegt, och eng Energie [light] Tabell wëllen anzeféieren.

Ze bemierken ass nach, dass déi separat d'Veranstaltung "Energiesparen in Gebäuden III" am September am Centre Turelbaach zu Mäerzeg stattfonnt huet, wou scho säit 2019 Verbrauchsdaten am Kader vum Energie [light] gesammelt ginn. Sou konnte béid Projete vunenee profitéieren. Et war iwwregens och dem Här Grobecker säi leschten Optrëtt zu Lëtzebuerg viru senger wuelverdéngter Pensioun.

#### Haaptaktivitéiten 2022

- Iwwerschaffen, Erweiderung a Kontroll vun den Excel light Tabellen vun de Gemenge Mäerzeg, Beefort an Diddeleng
- Éischt Kontakter mat der Gemeng Beetebuerg an Opstelle vun enger provisorescher Excel light Tabell.

#### Ausbléck

De Projet wäert och 2023 net aktiv promouvéiert ginn. Mir bleiwen awer weiderhin a Kontakt mat deene Gemengen, déi weiderfueren a geréieren hier Energie-Tabellen. Nieft Beetebuerg huet och Hesper Enn 2022 säin Interessi un enger Tabell ugemellt. Do muss d'Gemeng awer nach eng Decisioun huelen, ob si dëst maache wëllen oder net. An Zukunft wier eventuell e Schwëster-Projet "Energie [light] fir Bierger" ondenkbar.

### 8.1.9 Emweltbicher

#### Intro

Beim Projet Ëmweltbicher sollen a reegelméissegen Ofstänn Kannerbicher zu enger Ëmweltthematik ausgeschafft an ënnert d'Leit bruecht ginn. Zousätzlech zu de Bicher besteet awer och e Site (www.emweltbuch.lu), mat engem ganze Koup weideren Informatiounen zu den Themen an och Hëllefsstellunge fir Enseignanten, fir d'Thematik an der Schoul ze behandelen. D'lescht Joer huet d'EBL zesumme mam MECDD, der AEV, der SDK an den Offallsyndikater SICA a SIDEC dat éischt Buch vun der Serie publizéiert: Mäin éischt Null Offall Buch. D'Figuren am Buch sinn de Litti an d'Betti, souwéi „de Villchen". Am Joer 2022 gouf duerch eng aktiv Promotioun d'Zuel vun 10.000 verkafene Bicher säit der Publikatioun iwwerschratt.

#### Iwwerbléck

Nom Interessi um „Mäin éischt Null Offall Buch" säit dem Lancement, huet d'EBL och 2022 eng gewësse Promotioun vum Buch no bausse gemaach, wat d'Verkafszuelen dann och weider klamme gelooss huet. D'Bicher ginn nach ëmmer bei *Autisme Lëtzebuerg* on demand geprint a kënnen entweder per Online-Formular oder Mail oder Post bei der EBL bestallt oder op enger vun eisen diverse Veranstaltunge kaf ginn. D'Buch kascht 5€ (+ Porto).

#### Haaptaktivitéiten 2022

- Geziilt a reegelméisseg Promotioun vum Buch, souwuel Online, wéi och bei Evenementer.
- Verkaf: **2.255** Stéck (1.658 un Gemengen/Schoul - 500 un Associatiounen/Partner; 97 u privat)

#### Ausbléck

Ab 2023 soll dann en zweet Buch an der Rei ausgeschafft ginn mam Titel „Mäin éischt Bestëbserbuch". Heivir soll och eng Demande fir e Kofinanzement un den MECDD geriicht ginn.



### 8.1.10 Betti a Litti spille mam Dreck (Null-Offallbuch-Performance)

#### Intro

Betti a Litti spille mam Dreck leent sech un eist „Mäin éischt Null Offall Buch“ un, dat d’Geschicht vum „Litti“ verzielt, dee guer net op seng Ëmwelt oppasst a säin Offall egal wouhi gehäit. Mat Hëllef vu senger Nopesch, dem „Betti“, léiert hie lues a lues wéi een nees am Aklang mat der Natur lieft, wat een alles aus Offall maache kann, respektiv wéi e säin Offall ka vermeiden. Well eis d’Thematik vun der Offallvermeidung an der Weidernotzung vu Ressource weiderhi ganz wichteg erschéngt, wollte mir dës pedagogesch Inhalter och nach op eng aner Manéier dem jonke Publikum zougänglech maachen.

#### Iwwerbléck

Opgrond vum grousse Succès vum „Mäin éischt Null Offall Buch“ bei jonke Familljen an och an de Schoulen, koum eis als éischt d’Iddi, d’Buch mat Liesungen nach méi populär ze maachen. Schnell ass aus dëser Iddi vun der einfacher Liesung awer méi e modernen, interaktive Spektakel entstanen, deen um Buch baséiert a speziell op Schoulklassen vum Fondamental zougeschnidden ass (Cycle 2&3). Dës partizipativ Performance gëtt vun enger Schauspillerin animéiert déi an Interaktioun mat de Kanner duerch d’Geschicht féiert an si op spilleresch Aart a Weis mam Thema vun der Offallvermeidung an der Ressourceweidernotzung vertraut mécht. Dat Ganzt fënnt virun enger Video-Leinwand statt op där een an animéierte Biller aus dem Buch an d’Welt vum Betti a Litti andaucht. Ausgeschafft gëtt dës Performance zesumme mat der Schauspillerin Marie-Paule Greisch, déi och dann déi éischt Opféierunge selwer ëmsetze soll. “Betti a Litti spille mam Dreck” ass deemno e One-Woman Spektakel deen ongeféier 40 Minutten dauert a bewosst esou geplangt gi ass, dass e problemlos an all Schoulklass opgeféiert ka gi. D’EBL huet de Projet bei den ING Solidarity Awards 2022 presentéiert eng eng Finanzéierung vu 5.000€ vun der ING kritt.

#### Haaptaktivitéiten 2022

- Konzeptioun vum Projet a Presentatioun bei den ING Solidarity Awards fir eng Finanzéierung ze kréien (5.000€)
- Éischt Kontakter mat der Schauspillerin Marie-Paule-Greisch
- Auswiel an Upassung vun den Inhalter aus dem Buch a Verfaasse vun engem Dréibuch fir de Spektakel.

## Ausbléck

Prouwen, éischt Testopféierungen an och d'Première si fir 2023 geplangt, wann den Interessi vum jonke Publikum bei den Tester eis zouversiichtlech stëmmt. Sollt dëst neit Format gutt funktionéieren, wier och eng enk Kooperatioun mam SCRIPT denkbar, fir dës pedagogesch Performance dann och geziilt dem Schoulpersonal ubidden ze kënnen. Och eng Erweiderung op aner Themen op Basis vun eisen Ëmweltbicher ass en Zil fir d'Zukunft.

E groussen Merci geet an dësem Kontext un **d'ING Bank**, déi dem Projet eng finanziell Ënnerstëtzung vu 5.000 € am Kader vun der ING Solidarity Awards 2022 accordéiert hunn. Duerch dës Ënnerstëtzung konnte net just e leeschtungsstaarke Retro-Beamer an eng Leinwand fir de Projet kaf ginn, mee och den Input vun der Schauspillerin Marie-Paule Kremer fir d'Matschaffen un der inhaltlecher Konzeptioun vum Spektakel.



## 8.2 Projeten

Projete sinn éischter kuerzzäiteg Aktivitéiten oder eemoleg Initiativen mat enger zäitlech ageschränkter Ëmsetzung (meeschtens 1-2 Joer) Och hei kann d'EBL den Initiator sinn oder mat dru geschafft hunn. Dës Projeten hunn dann och meeschtens ee predefinéierten Output a keen oppent Enn. Ufängleche Projete kënnen awer duerchaus och alt emol spéider an eng laangjäreg Campagne iwwergoen.

### 8.2.1 Nationale Bestëbserplang

#### Aktualitéit

Den Nationale Bestëpserplang, deen d'EBL zesumme mam MECDD verfaasst huet an am Oktober 2021 an der Chamber gestëmmt ginn ass, ass 2022 gestart. Säit Ufank 2022 ass d'EBL dann och Member vum Comité de Suivi, deen den Nationale Bestëpserplang begleet an d'Ëmsetzung iwwerpréift.

D'EBL hat scho fir d'Ausschaffe vum Plang den Internetsite www.planpollinisateurs.lu erstallt, deen am Joër 2022 vun der EBL aktualiséiert gouf a wou een elo niewent dem fäerdege Bestëpserplang och weider Erklärungen zum Kader an der Wichtegkeet dovunner fënnt.

Am Kader vum Bestëbserplang gouf 2022 och eng éischte Kéier d'Aktiounswochen „B&B Action Weeks" (Bed & Breakfast fir Bestëbser) vum MECDD organiséiert, déi d'EBL mat ausgeschafft a promouvéiert huet. Och hei huet d'EBL sech deelweis ëm d'Erstelle vun enger eegener Webpresenz zu de Bestëbserwoche gekëmmert.

#### Ausbléck

Och am Joer 2023 wäert d'EBL wieder als Member vum Comité de Suivi täteg sinn an déi eenzel Internetsitte vum Bestëbserplang an de B&B Action Weeks këmmeren.

Plan Pollinisateurs
vu Lëtzebuerg
FIR EIS WËLL BESTËBSER

### 8.2.2 Drénkwaasser

Aktualitéit

Enn 2021 huet d'EBL mat der Ausschaffung vun der Lehrerhandreichung ugefaangen, fir d'Drénkwaasser-Thematik an d'Schoulen ze bréngen.

Dës Lehrerhandreichung mam Numm „Eist Drénkwaasser – Dem Melusina säi Choix" ass am Mäerz 2022 fäerdeggestallt a vum MECDD an der AGE approuvéiert ginn. D'EBL gouf fir dësen Optrag och finanziell vum Ministère entlount, wat nach Deel vum Ofkommes zum groussen Drénkwaasserprojet vun 2020/2021 war.

Et handelt sech bei dësem Dokument vun 81 Säiten ëm eng Zesummesetzung vun Theorie an Iddie fir Spiller, Konscht-Atelieren, Experimenter, Reflexiounen, Enquêten an Ausflich, begleet vun enger ganzer Rei vun Aarbechtsblieder fir d'Enseignanten. D'Dokument riicht sech haaptsächlech un den Enseignement secondaire. Den MECDD an d'AGE si mam Dokument zefridden, och wa spéider nach e puer Upassunge vun der EBL hu misse gemaach ginn.




*Bild: Cover vun der Lehrerhandreichung*

### Ausbléck

D’Lehrerhandreichung soll Ufank 2023 nach op Däitsch iwwersat ginn an op der BNE-Foire presentéiert a lancéiert ginn. Wéi d’Lehrehandreichung duerno un d’Léierpersonal bruecht gëtt, muss nach zesumme mam MECDD an der AGE diskutéiert ginn. „Teach the teachers“-Formatioune sinn hei eng Optioun, déi am raum steet. D’Zil vun der Campagne bleift weiderhin, Vertrauen an eist Drénkwaasser ze schafen, fir datt nees méi Leitungswaasser gedronk gëtt. Gläichzäiteg soll dës Wäertschätzung och dozou féieren, datt keen Drénkwaasser méi onnéideg verbëtzt gëtt.

### 8.2.3 DiEFo - Digital Ëmwelt-Formation

#### Aktualitéit

Beim DiEFo (Digital Ëmwelt-Formatioun) handelt et sech ëm e Kofinanzprojet zesumme mam MECDD an der Stad Diddeleng. Et handelt sech dobäi ëm e sougenanntent serious game, also enger Zort Spill, dat op eng éischter lëschteg an interaktiv Aart a Weis méi seriéis Inhalter vermëttelt. Dëse Projet war eng Demande vun der Stad Diddeleng, déi fir d'Personal vun der Gemeng eng innovativ Online-Formatioun zum Thema Offallvermeidung an Zirkularwirtschaft organiséiere wëllen. Nodeems eng éischt Testversioun schonn 2021 opgestallt gouf, gouf 2022 dunn eng fäerdeg bespillbar Versioun presentéiert, déi duerno an 3 Gemenge sollt getest ginn (Diddeleng, Mäerzeg a Schëtter). Opgrond vu Mëssverständnësser bei der Kommunikatioun gouf de Projet awer vun der Diddelenger Gemeng verworf an et gouf no engem Kompromëss gesicht, fir de DiEFo duerch verschidden Upassungen awer nach un d'Besoine vun der Gemeng ze adaptéieren. Bis Enn 2022 gouf dunn den Text vun der Formatioun ganz ëmgeschriwwen an a méi enger konventioneller (manner spillerescher) Sprooch verfaasst.

#### Ausbléck

2023 soll dann nach den Design, deen aus dem Null-Offall-Buch iwwerholl gi war, duerch e méi simpelen a "seriéisen" Design ersat ginn. D'Vertounung bleift an engem éischte Schrëtt och ewech a gëtt (wa néideg) spéider bäigefüügt. Nieft den inhaltlechen a sproochlechen Upassunge soll dat Ganz dann och nach vu 6 Stonnen op 3 Stonne Formatioun verkierzt ginn. Ausserdeem sollen eenzel Sequenze als Video ëmprogramméiert ginn, fir d'Unzuel u Klicks ze verréngeren.



### 8.2.4 EUCF

#### Aktualitéit

Déi europäesch Initiativ ‘EUROPEAN CITY FACILITY‘ bitt de Gemengen a Gemenge-Syndikater eng Méiglechkeet fir Moossnamen am Energie- a Klimaberäich ze finanzéieren. D’Subventioun gëllt fir Investitiounspläng am Hibléck op nohalteg Energieprojeten.
D’EBL huet am August en Online-Workshop organiséiert, fir dee véierten a leschte Call ze lancéieren, ze erklären an ze ënnerstëtzen. Mir hate 26 Participanten.

#### Ausbléck

D’Aufgab vun der EBL beim EUCF ass mat dësem leschte Workshop ofgeschloss, sou dass de Projet 2023 net méi op der Agenda steet. Fir d’Duerchféieren vun de 4 Workshops, krut d’EBL 2.500€ vum Klimabündnis International, woubäi den Opwand opgrond vum ëmfangräichen a komplizéierte Reporting relativ héich war.



### 8.2.5 Harespel-Berodung

#### Aktualitéit

Natur&ëmwelt huet virun e puer Joer e Berodernetzwierk gegrënnt mam Zil eng landeswäit Berodung a Léisungsvirschléi am Ëmgang mat Harespelen, respektiv Harespelsnäschter anzeriichten. D'EBL hëlt un dësem Réseau als Beroder aktiv deel.
D'EBL huet dëst Joer e ganzen Info-Dossier vun 22 Säite fir Gemengen zesummegestallt, mat allen nëtzlechen a wichtegen Informatiounen iwwer d'Harespelsberodung, sou dass zukünfteg méi Leit an de Gemengen d'Kompetenz kréien, iwwert dës Insekten ze informéieren oder zumindest wësse, wou se déi néideg Informatioune fannen, fir un d'Bierger weiderzeginn. Déi eigentlech Harespelberoder bleiwen zwar weiderhin disponibel, mee mat dësem Dossier kënne vill Froe vläicht schonn op direktem Wee beäntwert ginn. Den zäitlechen Opwand fir d'Berodunge ware nämlech déi lescht 2 Joer enorm héich, wat dann och zu der Opstellung vun dësem Dossier motivéiert huet. Den Dossier „Wespen-Ratgeber für Luxemburg" gëtt et op 3 Sproochen: FR, DE an EN.




*Bild: Wespen-Ratgeber für Luxemburg*

## Ausbléck

Am Joer soll den Info-Dossier „Wespen-Ratgeber für Luxemburg“ weider promouvéiert ginn. Déi aktiv Berodunge solle weidergefouert, awer op e Minimum reduzéiert ginn, duerch den Dossier op dee verwise ka ginn.



## 8.2.6 Neophyten

### Aktualitéit

De Neophyten-Projet berout op enger Demande vun der ANF, fir eng Aart Broschür zesummenzestellen, déi all d'Neophyten zu Lëtzebuerg oplëscht an hier Alternativen opweist. Sënn an Zweck ass et, fir Gemengen- a Privatgäertner, Landschaftsplaner an aner Naturgestalter, wéi och Privatleit iwwer d'Thema vun de Neophyten opzeklären a méiglech alternativ Planzenzorte virzestellen, déi een amplaz vun de Neophyte setze kann. Nodeems en éischte Brouillon der ANF schonn Enn 2021 virgeluecht gouf, gouf an der zweeter Halschent vun Joer 2022 dunn mat der weiderer Beaarbechtung vun dëser Brochür ugefaang, déi sech als immens ëmfangräich an zäitopwänneg entpoppt. D'EBL gëtt vun der ANF fir dësen Optrag finanziell entschiedegt.

### Ausbléck

Am Joer 2023 soll d'Broschür fäerdeggestallt an der ANF zwecks Kontroll a Korrekturschläif zougestallt ginn. Eng Publikatioun vun der Brochür ass fir déi zweet Halschent 2023 virgesinn.




# 8.3 Publikatiounen

## 8.3.1 Infografiken

Am Joer 2022 huet d'EBL insgesamt 2 regulär Infografiken an eng Bonus-Infografik publizéiert. D'Theeme waren déi folgend:


- De Klimawandel zu Lëtzebuerg
- Energie spueren bei der Chrëschtdagsbeliichtung
- SONDERAUSGAB: Kleng Ëmfro op der KlimaExpo

Insgesamt ginn d'Infografike vun iwwer 50 Gemengen a Partnerassociatioune vun der EBL reegelméisseg genotzt.









### 8.3.2 Kleng Schrëtt


Nieft den Infografiken ass och eis Aktioun “Kleng Schrëtt” 2022 weidergelaf. Dobäi geet et drëms, de Leit opzeweisen, datt een och mat klengen Aktiounen am Alldag ganz einfach eis Ëmwelt schütze kann.
Pro Theema ginn 9 kleng Aktioune proposéiert, déi ee maache kann. Do dernieft ginn awer och bei all Theema bis zu enger Dose Fakteblieder ausgeschafft, mat villen interessanten Infoen, visuell flott opbereet. Zu de klenge Schrëtt gehéiert awer och eng Internetsäit (www.klengschrett.lu), wou een och Theoriesdeeler, Spiller, Quizzer a weider Informatioune fënnt.
D’Affiche vun de klenge Schrëtt kënnen, genee wéi eis Infografiken, fir eis Gemenge personaliséiert ginn a stinn a verschiddene Sproochen zur Verfügung.
Am Joer 2022 goufen insgesamt 3 Theeme bei de Klenge Schrëtt opgegraff, woubäi et nach een zousätzlecht BONUS-Thema gouf. Folgend Theeme waren un der Rei:

- Energie spueren
- Eist Klima
- Null Offall
- BONUS-AUSGAB: 5 Infografiken zum Thema Energie spueren
















# 9. Weider Tätegkeeten an Aktivitéiten

## 9.1 Klimapakt 2.0

D'EBL ass weiderhin e vollwäertege Partner vun der Klima-Agence am Kader vum Klimapakt an huet aktiv un alle Versammlunge vun der Klimapaktberoder deelgeholl, déi vun der Klima-Agence organiséiert goufen. Et besteet e konstruktiven Austausch an d'EBL huet och um Klimapaktdag an un der Klima-Expo deelgeholl. Op dëser Expo an der Luxexpo huet d'EBL och eng kleng Ëmfro duerchgefouert, fir de Bols bei de Leit ze fillen. D'Resultater dovunner, déi zum Nodenken ureege sollen, goufe spéider an enger Infografik publizéiert an de Gemengen zoukomme gelooss.

## 9.2 Naturpakt

D'EBL préift wéi si Gemengen am beschten am Kader vum neie Naturpakt ënnerstëtzen kann. Zu deem Zweck gouf zesumme mat der Studentin Gwendy George Enn 2022 eng Analys gemaach, wéi eng bestoend EBL-Aktivitéiten am Naturpakt eng Berécksiichtegung fannen a vun de Gemenge genotzt kënne ginn, fir Punkten ze kréien. Versammlungen änlech wéi beim Klimapakt gëtt et am Naturpakt keng, sou dass sech den zäitlechen Engagement vun der EBL bei dësem Projet éischter a Grenzen hält.



# 10. Presse & sozial Medien

D'EBL war, wéi déi lescht Joren och schonn, verstäerkt online iwwert d'Websäit accessibel an awer och an de soziale Medien Facebook an Instagram. Och eise Youtube-Kanal gouf nees reaktivéiert a genotzt fir divers Videoen héichzelueden an ze deelen.

An der geschriwwener Presse war d'EBL 2022 reegelméisseg vertrueden an och an der Zeitung vun der Ligue Gaart&Heem hu mir 1 Säit reservéiert, wou mer Artikelen zu „Ouni Pestiziden" publizéieren.

Virun allem hu mir awer 2022 eis gutt Relatioun mam Radio 100,7 verdéift an ausgebaut. Mir waren do fir eng ganz Rëtsch Interviews am Studio an hunn och ab Enn 2022 bis an de Summer 2023 eran eng reegelméisseg Emissioun (all 3 Wochen) an Ofwiesslung mat Natur&ëmwelt a Gaart&Heem.



challenge

Ebl

www.ebl.lu

EMWELTBERODUNG LËTZEBUERG A.S.B.L.

**KREISLAUFWIRTSCHAFT ALS HERAUSFORDERUNG FÜR ALLE**

Jeanne Adam

*Die Emweltberodung hält sich gerne etwas im Hintergrund, das tut dem Erfolg ihrer Projekte aber keinen Abbruch. Ein Gespräch mit Michel Wilwert, Mitarbeiter bei der Emweltberodung, über die Zusammenarbeit mit Makerspaces und die Möglichkeiten der Kreislaufwirtschaft im Rahmen von Transforma.*

Etwas versteckt auf dem früheren Arbed-Gelände in Dommeldange zwischen Tonstudios, Künstlerateliers und der Emil-Metz-Sekundarschule liegt das neue Büro der Emweltberodung. Von hier aus beraten die vier MitarbeiterInnen der ASBL Gemeinden und andere Institutionen oder Organisationen in Fragen des Umweltschutzes, entwickeln Kampagnen und Projekte wie "Ouni Pestiziden" oder das Online-Tool "Ecoquartier". In der großen Gemeinschaftsküche erzählt Michel Wilwert vom neusten Projekt der Emweltberodung in Zusammenarbeit mit den Makerspaces und SuperDrecksKëscht:

**TRANSFORMA**

Im Zentrum des Projekts steht eine Schachtel, eine Art Federmäppchen. Zusammen mit neun anderen Projekten wurde Transforma 2017 bei der Ausschreibung „Yes We Care" von der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte und dem Nachhaltigkeitsrat ausgewählt, um ihr Vorhaben zum Thema Kreislaufwirtschaft umzusetzen. Nach einem Jahr der Vorbereitung will die Emweltberodung nun Anfang 2019 eine Challenge in den Schulen und Makerspaces des Landes starten, bei der jeder sich ein Design für eine Transforma-Schachtel überlegen kann. Die Gewinner-Schachtel wird dann einer Reihe von Grundschulklassen zur Verfügung gestellt, *„vielleicht in Form von Boussätzen, die sie selbst zusammenbasteln können"*, spinnt Michel Wilwert die Idee weiter.

Die Idee hinter Transforma beschreibt er so: *„Unser Ziel ist es, Leute für das Konzept der Kreislaufwirtschaft zu begeistern und Transforma bietet dafür ein Riesenpotenzial."* Die Emweltberodung arbeitet deshalb zusätzlich an einem pädagogischen Kit, das von Lehrkräften ausgeliehen werden kann. Es enthält Materialien für Experimente, durch die die Kinder sich mit ihrer Rolle in der Gesellschaft und der Wirtschaft auseinandersetzen können. Das Kit selbst besteht aus Modulen, die auch für die Spiele oder Experimente genutzt werden, ganz im Sinne der Kreislaufwirtschaft.

*"Egal wie es nachher aussieht, es soll so viel wie möglich ausprobiert werden."*

Michel Wilwert

14

challenge

Es kommt bei dem Projekt weniger auf das Aussehen der Schachtel an als vielmehr darauf, die Kriterien der Kreislaufwirtschaft zu erfüllen. Das Material ist vorgegeben: Holz aus lokaler und nachhaltiger Produktion. Etwas kniffliger wird es dann beim Leim, denn auch der soll biologisch abbaubar sein, damit die Schachtel am Ende kompostierbar ist. Bevor es jedoch soweit ist, soll der Schachtel noch ein zweites Leben ermöglicht werden, sie muss zu einem anderen Objekt umfunktioniert werden können, wie zum Beispiel einem Vogelhäuschen. Dafür ist ein modularer Aufbau wichtig, der außerdem dazu beiträgt, das man Teile reparieren und unter einander austauschen kann.

*„Wir wollen Kontakte zwischen traditioneller und modernen Technik schaffen, aber auch zwischen den Generationen."*

Neben SchülerInnen und Lehrkräften sind auch Kreative aller Art, von DesignerInnen über ArchitektInnen zu KünstlerInnen, zum Mitmachen eingeladen. Ziel ist es, so viele Designs wie möglich zu sammeln und diese dann kostenfrei und open source auf einer Webseite für jeden zugänglich zu machen. Herunterladen, verändern, verbessern und kopieren ist also ausdrücklich erwünscht! Auch für die Art der Produktion sind keine Grenzen gesetzt. Die Emweltberodung wünscht sich ein fruchtbares Zusammenarbeiten von Makerspaces mit ihren modernen technischen Möglichkeiten und Tischlereien und atelier protégés mit traditionelleren Methoden. Alle sind herzlich eingeladen sich zu beteiligen und zu einer Station im Kreislauf zu werden.

**Anmeldung und weitere Informationen zum Transforma-Wettbewerb auf www.transforma.lu**

**STECKBRIEF**

**Name: Emweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.**
**Gründungsjahr:** 1992
**MitarbeiterInnen:** 4
**Themenbereich:** Energie, Abfall, Urbanismus, Natur- und Umweltschutz, Wasserwirtschaft, nachhaltige öffentliche Beschaffung
**Tätigkeiten:** Beratung, Kampagnen, Projektarbeit, Kooperationen
**Projekte:**
- Transforma (siehe Artikel)
- Ecoquartier (Online Tool)
- Ouni Pestiziden (Abschaffung von Pesitziden für Grünflächen im öffentlichen Raum)
- Ech kafe clever in Zusammenarbeit mit SuperDrecksKëscht

u. a.

**Mehr Infos auf : www.ebl.lu**



15

# 11. Seminairen & Veranstaltungen

## 11.1 Seminairen / Konferenzen / Formatiounen

| | |
|---|---|
| • Formatioun Gréng Web | 12. Januar (Rédange) |
| • Energiesparen in Gebäuden I | 26. Januar |
| • Politesche Wësse fir ONGen I | 1. Mäerz |
| • Nohalteg Digitaliséierung | 10. Mäerz (CNFPC) |
| • Politescht Wësse fir ONGen II | 10. Mäerz |
| • Politescht Wësse fir ONGen III (Visite Chamber) | 14. Mäerz |
| • Formatioun Gréng Web | 16. Mäerz am (NP Our) |
| • Energiesparen in Gebäuden II | 5. Abrëll |
| • Energiesparen in Gebäuden II | 24. Abrëll |
| • Atelier Ouni Pestiziden/Plan Pollinisateur | 4. Juni (Gaart Sabine Wolff) |
| • Atelier Ouni Pestiziden/Plan Pollinisateur | 5. Juni (Gaart Sabine Wolff) |
| • Kreeslafwirtschaft fir Gemengen | 17. Juni (Wiltz) |
| • Workshop „Gréng Beruffer“ | 29. Juni (CdM) |
| • Workshop „Gréng Beruffer“ | 6. Juli (CdM) |
| • EUCF 4th call | 5. August (Online) |
| • Energiesparen in Gebäuden III | 21. September (Mertzig) |
| • Energiespueren am Club Senior | 28. September (Schifflange) |
| • Kreeslafwirtschaft fir Gemengen | 21. Oktober (Wiltz) |
| • Kreeslafwirtschaft fir Gemengen | 29. November (Wiltz) |

## 11.2 Course fir Kanner a Jugendlecher

| | |
|---|---|
| • Cours Kreeslafwirtschaft | 5. Januar (Fieldgen) |
| • Cours Kreeslafwirtschaft | 19. Januar (Fieldgen) |
| • Cours Kreeslafwirtschaft | 26. Januar (Fieldgen) |
| • Cours Kreeslafwirtschaft | 2. Februar (Fieldgen) |
| • Cours Drénkwaasser | 22. Mäerz (Kopstal) |

## 11.3 Veranstaltungen / Events

| | |
|---|---|
| • Klimapaktdag | 17. Januar |
| • Wiichtelfest Ettelbréck | 14. Abrëll |
| • Klimapaktdag | 9. Juni |
| • Usina Festival | 10. + 11. Juni |
| • Fest vun der Natur | 18. + 19. Juni |
| • Transforma Expo zu Monnerech | 1. – 30 Juli |
| • Porte ouverte SIVEC | 2. + 3. Juli |
| • Kannerfloumaart Beetebuerg | 16. Juli |
| • Klimaexpo | 6. + 8. Oktober |
| • Offalldeeg Beetebuerg | 24. Oktober |





## D'Team vun der EBL ass och 2023 fir Iech do!

## Zesumme fir eng gesond Ëmwelt!

